## Wéi huelen ech e Rendez-vous?

Dir rufft einfach bei eis un (247-73100) oder maacht eis eng E-Mail (service-psychosocial@csqt.etat.lu). Mir proposéieren lech dann esou séier wéi méiglech e Rendez-vous bei eis am Service (zirka eng Stonn).

Wann Dir eng Dispens vun Ärer Aarbecht wëllt, kann de Service psychosocial lech e Certificat fir Är Präsenz am Service ausstellen. Dir selwer kënnt dat dann Ärem Virgesetzte ginn, den dunn op fräiwëlleger Basis iwwert Är Fräistellung decidéiert. Vum Service psychosocial aus gi keng Informatiounen un Äre Virgesetzten.

Wann Dir net wëllt an Ärer Administratioun erzielen, dass Dir bei eis waart, misst Dir lech via Congé oder Horaire mobile arrangéieren.

KONTAKT


**Service Psychosocial**

35, rue de Bonnevoie
(INAP-Gebai, 3. Stack)
L-1950 Luxembourg

**T** (+352) 247-73100
**E** service-psychosocial@csqt.etat.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique
et de la Réforme administrative


# Psychologesch Berodung

De Service psychosocial bitt all Persoun, déi beim Staat schafft, eng **vertraulech a gratis** Ënnerstëtzung bei aarbechtsbedéngten oder perséinleche Problemer un.



Qualité de vie au travail

## Mir beroden Iech zum Beispill a folgende Beräicher:

**Problemer op der Aarbecht:** Chronesche Stress, Konflikter, Belästegung, onkloer Aufgaben ...

**Onwuelsinn:** Ängschten, Depressioun, Liewensmiddegkeet ...

**Familiär Problemer:** Konflikter, Trennung, Gewalt, Enttäuschungen ...

**Problemer mat Ofhängegkeet:** Alkohol, Drogen, Medikamenter, Spillsucht ...

**Traumatesch Situatiounen:** Aggressiounen, Konfrontatioun mat engem onerwaarten Doudesfall ...

**Encadrement vun enger Persoun am Leed op Ärer Arbecht**

## Muss et engem ganz schlëmm goen, fir e Rendez-vous beim Psycholog ze froen?

**Nee!** Heiansdo hänkt een einfach fest. Eis Psychologe bidden Iech d'Méiglechkeet, Iech fräi auszedrécken, ouni dass et dobäi Tabue ginn. Duerch déi gemeinsam Analys vun de schwieregen Situatioune kann ee méi Kloerheet gewannen an zesummen nei Léisungsiddien entwéckelen.

D'Léisungsvirschléi ginn an all Richtung – dat muss net direkt eng psychotherapeutesch Begleedung sinn.

## Et geet also virun allem ëm:

**Nolauschteren am Respekt**

**Versteesdemech an Analys vun der Situatioun**

**Berodung an och konkret Ënnerstëtzung wann néideg**

Bei Bedarf gi mir Iech och Kontakter an Adressen vun anere Servicer, déi vläicht méi spezifesch op Är Froen kéinten äntweren.

## Muss ech mengem Virgesetzte soen, dass ech psychologesch Berodung froen?

**Nee!** Déi ganz Equipe vum Service psychosocial ënnerläit dem Beruffsgeheimnis.

Domat ass séchergestallt, dass Äre Rendez-vous an den Inhalt vun Ärem Gespréich mam Psycholog vertraulech bleiwen. Am Kader vun der Berodung gi keng Informatiounen no baussen, ausser Dir selwer géift aneren dovun zielen.

